



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Kader vum héije Wuesstem an der Bautepolitik hunn iwwert déi leschte Joren a Joerzénge vill Uertschaften hiren historesch gewuessenen Duerfcharakter verluer. Dacks ginn historesch-kulturell wäertvoll Gebaier a Stroossen zich zerstéiert. Am Kader vum Ausschaffe vun den allgemenge Bebauungspläng (PAG) mécht den SSMN eng Beurteilung vun der Bausubstanz an deelt de Gemenge mat, wat fir Gebaier schützenswäert sinn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Kulturminister gär folgend Froe stellen:

1. Dem SSMN no, sinn op den 1. Oktober 2020 an 53 Gemengen am Ganze 17.633 Gebaier als schützenswäert beurteelt ginn. Dovu sinn der dann och 13.725 als schützenswäert an de PAG agedroe ginn. Wat rechent d'Madamm Minister, wéini och déi rechtlech Gemengen eng Beurteilung vum SSMN fir hir schützenswäert Gebaier kréien?
2. Wéi vill vun deenen an de leschten 10 Joer vum SSMN als schützenswäert beurteelte Gebaier si méttlerweil ofgerappt ginn?
3. Verschidde Gemenge kommen den Empfehlung vum SSMN relativ gutt no a schützen effektiv iwwer 90% vun de Gebaier oder Monumenter, déi vum SSMN virgeschloe goufen, z.B. d'Gemengen Ell a Bauschelt. Aner Gemenge befollegen déi op wëssenschaftlechen Analyse baséierend Empfehlungen éischer wéiniger a schützen manner wéi 50% vun deem, wat vum nationalen Denkmalschutzamt virgeschloe gouf, sou z.B. Wolz, Mäertert a Suessem. Schlussliicht ass d'Gemeng Péiteng, wou ganzer 84% net geschützt goufen. Wéi schätzen d'Madamm Minister an den SSMN d'Denkmalschutzpolitik vun de Gemengen an deem Kontext an? Sinn si zefridde mat der Unzuel u geschützte Gebaier an de Bebauungspläng?
4. Wéi erkläert d'Madamm Minister hei déi grouss Ënnerscheeder bei der Reaktivitéit vun de Gemengen?

5. Wéi reagéiert d'Madamm Minister dorop, wann eng Gemeng wéi Péiteng, d'Empfeelunge vum SSMN net befollegt? Ginn et deen Ament aner Méiglechkeeten, déi ergraff ginn, fir Gebaier an där Gemeng ze schützen?
6. Sinn d'Madamm Minister an den SSMN der Meenung, datt de kommunale Schutz iwwert de PAG wierksam genuch ass, fir déi betraffe Gebaier adequat ze schützen?
7. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt duerch dat neit Gesetz, d'Gemenge méi Gebaier wäerte schützen, an datt si domat och besser geschützt ginn?
8. Wat gedenkt d'Madamm Minister ze maachen, fir d'Situatioun an de Gemengen ze verbessern?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten